N°5210
Reçue le 11.11.2021
Déclarée recevable et urgence non reconnue
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 11.11.2021

CSV FRAKTIOUN

Här Fernand Etgen

President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 10. November 2021

Här President,

Esou eweí den Artikel 81 vum Règlement vun der Chamber et virgesäit, biede mir Iech, dës drénglech parlamentaresch Fro un den Här Minister fir bannescht Sécherheet weider ze leeden.

An de lëschten Deeg ass eis zu Ouere komm, dass a leschter Zäit d'Unzuel un Abréch staark an d'Luucht gaangen ass. Concernéiert war eisen Informatiounen no dat ganzt Land a ganz besonnesch d'Stad Lëtzebuerg.

An dësem Kontext wéilte mir dem Här Minister fir bannescht Sécherheet folgend Froe stellen :

1. Sinn dem Minister ähnlech Informatioun vun enger rezenter Hausse un Abréch zoukomm ?
2. Am Fall wou den Minister esou eng Hausse confirméieren kéint, ginn et schonn éischt Erklärungen fir dës mei héich Unzuel un Abréch ?
3. Wann jo, wéi gedenkt den Här Minister kuerzfristeg op dës Hausse un Abréch ze reagéieren ?

Här President, mir bieden Iech, eisen déifste Respekt unzehuelen.

Serge Wilmes
Deputéierten

Laurent Mosar
Deputéierten

Léon Gloden
Deputéierten